



N° 4938
Reçue le 08.09.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.09.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/09/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur & Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Den 112 ass net nëmmen déi operationell Zentral vum CGDIS mee gëllt als Europäeschen Noutrouff.

Ënnert anerem folgend Informatiounen fënnt een um Internetsite vum CGDIS wat den 112 betrëfft:

"Comme le central téléphonique du CSU 112 constitue l'élément vital de l'organisation des secours d'urgence dans tout le Grand-Duché, il est primordial de porter une attention toute particulière à la fiabilité et à la sécurité des équipements opérationnels.

Le bon fonctionnement du Central des Secours d'Urgence 112 est un des éléments essentiels de la chaîne de secours.

Le CSU 112 est doté d'une équipe qui se compose en permanence de minimum 4 opérateurs issus du Corps Grand-Ducal d'Incendie et de Secours sous la responsabilité d'un chef de salle.

Conscient de l'évolution rapide ainsi que de l'accroissement grandissant des missions, activités et attentes incombant aux agents-opérateurs du CSU 112, la direction du Corps grand-ducal d'incendie et de secours propose à intervalles réguliers des cours de formation continue."

*(<https://112.public.lu/fr/organisation/csu.html> an
<https://112.public.lu/fr/organisation/csu/technic.html>)*

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch confirméieren, dass d'Agente vum 112 ënnert 3 verschidde Statute schaffen (Employé, Fonctionnaire a Pompier professionnel fonctionnaire)? Wéi ass dat ze erklären?
2. Wat ass de kompletten operationellen Effektiv vum 112 a wéi vill dovunner si sougenannte 'Opérateurs' a wéi vill si 'Chefs de salle'?
3. Huet all pompier professionnel fonctionnaire vum 'Cadre de base' no senger



www.piraten.lu

Vereedegung den Emploi « chef de binôme SAP* » an den Emploi « chef de binôme INCSA* » ? (*SAP = Secours à personne (Ambulanz) / INCSA = incendie et sauvetage)

4. Wéi vill 'Opérateurs' si Pompier professionnel fonctionnaire?
5. Wéi vill 'Chefs de salle' si Pompier professionnel fonctionnaire?
6. Laut mengen Informatiounen kann all Agent vum 112 (egal op Fonctionnaire oder Employé) dee virum CGDIS, also virum 01.07.2018 agestallt ginn ass, an d'Karriär vum Pompier professionnel fonctionnaire wiessele wann en di néideg Formatiounen hat oder nomécht. Wéi vill Agente vum 112 hunn bis haut dee Wiessel gemaach a wéi vill dovunner si 'Chefs de salle' a wéi vill si 'Opérateurs'?
7. Wéi vill 'Chefs de salle' hunn den Emploi « Chef de binôme SAP » an den Emploi « Chef de binôme INCSA »?
8. Wéi vill 'Opérateurs' 'hunnen den Emploi « Chef de binôme SAP » an awer och den Emploi « Chef de binôme INCSA »?
9. Wéi vill 'Opérateurs' hunnen de Promotioun-Examen?
10. Laut 'Référentiel Emploi & Activités' vum CGDIS deenen den 18.06.2020 vum Verwaltungsrot vum CGDIS approuvéiert ginn ass, muss ee méttlerweil énnert anerem berufflech d'Emploien « Chef de binôme SAP » an « Chef de binôme INCSA » hunnen fir op den 112 als 'Opérateur' ze schaffen. Laut mengen Informatiounen ass awer rezent en 'Agent' op den 112 gewiesselt deenen déi Krittären net all erfëllt. Kann d'Ministesch dat confirméieren?
11. Kann d'Ministesch confirméieren, dass ee 'Chef de salle' bis haut iwwerhaapt guer keen Emploi INCSA a SAP huet a bis viru kuerzem mol kee Promotioun-Examen hat? Wa jo, wéi ass dat ze erklären? Kann dee concernéierte 'Chef de salle' iwwerhaapt aktiv um Déngscht op enger Ambulanz oder en Tankwon deelhuele?
12. Ass de Poste vum 'Chef de salle' en PRP (poste à responsabilité particulière)? Wa jo, huet deenen eng Primme vu 15 Punkten zegutt?
13. Ass de Poste vum 'Opérateur' en PRP? Wa jo, huet deenen eng Primme vu 15 Punkten zegutt?
14. Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, dass verschidde 'Opérateurs' also wesentlech besser forméiert sinn ewéi verschidde 'Chefs de salle'?
15. Kann den Här Minister fir Bannenzeg Sécherheet mir soe wat de kompletten operationellen Effektiv un 'Chefs de salle' vum 113 ass a wéi vill 'Chefs de salle' keng Poliziste sinn an/oder kee Promotioun-Examen hunnen?

Mat déiwem Respekt,





CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu